DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

*Seul le discours prononcé fait foi*

**Discours de notre bourgmestre Dan Biancalana à l'occasion de la Fête nationale 2020**

**Usprooch vum Buergermeescher Dan Biancalana fir Nationalfeierdag 2020**

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Léif Diddelenger,

Ech freeë mech Iech och dëst Joer a menger Funktioun als Buergermeeschter, zesumme mam Schäffen- a Gemengerot an den Éierebuergermeeschteren, d'Wuert un Iech ze riichten.

Dëst Joer kënne mär de Virowend vun Nationalfeierdag leider net op der Gemengeplaz feieren, wou mer wéi gewinnt ustoussen an zesummen den Owend mat vill Freed a Musek verbréngen.

Dës Kéier ass alles en bëssen anescht. E Virus huet eist Liewen an eis Beweegungsfräiheet, wéi mär se schätzen, op d'Kopp geheit. Mär sinn an enger sanitärer Kris, där mär bis dato nach net ausgesat wuaren. Zënter dem 2. Weltkrich ware mär net méi an enger esou schwiereger Situatioun.

Fir eis ze schützen ass d'Ekonomie op e Minimum erofgefuer – an ab dem 16. Mäerz sinn eng ganz Rei Aschränkungen komm. D'Schoule sinn zougaangen, vill kulturell Eventer konnten net stattfannen. D'Commercen, d'Restauranten, Café'en hunn hir Diere missten zouloossen. „Bleift doheem", Confinement, Télétravail, E-Learning, des Begrëffer sinn zu eisem Alldag ginn. Mënsche sinn och dem Virus zum Affer gefall an hu leider hiert Liewe gelooss. Anerer sinn erëm gesond.

Mär kruten awer och virun Aen gehale wéi wichteg et ass ee gutt fonktionéirende Gesondheetssystem ze hunn, souwéi engagéiert medezinescht a Fleegepersonal, aus Lëtzebuerg an iwwer d'Landesgrenzen eraus.

Mär si mat neie Mesuren, neien Adaptatiounen, déi eist Liewe Stéck fir Stéck verännert hunn, konfrontéiert ginn. Mä d'Vitesse vum Virus ass duerch d'Vitesse vun eisem gebremsten Alldag an duerch eis gemeinsam Disziplin gedrosselt ginn.

De Covid-19, dee mär elo ëmmer besser kenne léieren a mat deem mär och an Zukunft weider liewe mussen, huet sech weltwäit verbreet. Fir gestäerkt aus der momentaner Situatioun erauszekommen ass et eminent wichteg zesummen ze stoen, Hand an Hand an een fir deen aneren do ze sinn.

Eng méi schwiereg Period hu mer elo hannert eis. Bis haut, huet Lëtzebuerg et fäerdeg bruecht d'Kris gutt ze meeschteren. Mär kucken elo no vir, besser Zäiten deiten sech un. Zesummen baue mär déi op. All eenzele vun eis, soll do wou en kann, sech un der Relance bedeelegen. Lëtzebuerg brauch et, Diddeleng brauch et! Et louch fir d'Gemeng deemno op der Hand, dass mer eis Geschäftswelt an eis Veräinswelt ënnerstëtzen.

Eis Regierung huet hiert Bescht geleescht, fir eis esou gutt wéi Méiglech duerch den État de crise ze begleeden. D'Chamber setzt elo de weidere Kader. Mee och mär mussen eis un déi virgeschriwwe Mesuren hale fir déi Vulnerabelst aus eiser Gesellschaft ze schützen.

Mär erliewen eng ongewollten „Entschleunegung" vun eisem Alldag an eis sozial Kontakter si radikal ageschränkt gi, wat immens vill Angscht, Elengsinn an Isolatioun mat sech bruecht huet.

Et war, an ass, fir keen, léif Matbiergerinnen a Matbierger, einfach mat dëser Situatioun fäerdeg ze ginn a mär mussen och weiderhin zesumme staark sinn, zemools wann mer eng 2.Well verhënnere wëllen.

Och wann mer Stéckwéis eis Beweegungsfräiheeten erëmkruten a progressiv weider kréie wäerten, wat natierlech ganz positiv ass, gëllt et weiderhin responsabel domat ëmzegoen.

An dëse Krisenzäiten erkennt ee wéi d'Mënschen dach zesummen halen. Bei eis an der Gemeng sinn direkt Héllefsdéngschter op d'Bee gestallt ginn, mär hunn zu Diddeleng sëllegen Servicer an d'Liewe geruff, fir dass deene Vulnerabelsten ënnert eis direkt konnt a weider ka gehollef ginn.

Mee net nëmmen d'Gemeng huet sech direkt fir d'Wuel vu senge Bierger aktivéiert, eng ganz Rei privat Initiativen hunn net laang gezéckt a sech un d'Aarbecht gemaach am Déngscht vun eis all.

Ech soen Iech Alleguerten, all de Fräiwëllegen déi gehollef, Villmools Merci fir dës Solidaritéit. All klenge Geste dee geleescht ginn ass, huet Schlëmmeres verhënnert.

Ech sinn houfreg, Buergermeeschter vun enger Stad ze sinn, déi op esou engagéiert, solidaresch an hëllefsbereet Biergerinnen a Bierger ziele kann.

Fir Solidaritéit vun de Leit ze erwaarde muss een och selwer solidaresch sinn – dofir e grousse Merci un Iech all! An dës Solidaritéitswell soll nach laang unhalen.

Nieft all de negative Konsequenzen, déi esou eng Kris mat sech dréit, hu mär awer elo déi ongeaante Chance eist Liewen ze hannerfroen, fir ze erkennen wat eis wierklech wichteg ass. Mär sollte Krisen deemno och als Opportunitéit notzen

An anere Wierder: Recul huelen, eis besënnen, eis mat eis selwer an der Welt an där mär liewen bewosst auserneen ze setzen. Eisen hekteschen an iwwerluedenen Alldag kritesch analyséieren a sech froen, ob een an eis bekannten Normalitéit an eis dach gewinnten Musteren einfach esou zeréckgoen wëll-a soll.

Et ass sécher net ëmmer einfach an sech eranzelauschteren, fir sech ze veränneren, a festgefuere Meenungen ze iwwerwannen, fir dass sech eis Zukunft zum Positiven verännert.

Déi aktuell Demonstratioune géint Gewalt an Alldagsrassismus vis-à-vis vun eisen afroamerikanesche Biergerinnen a Bierger an Amerika weisen eis kloer, dass et nach ëmmer onnéidegen Haass an Diskriminatiounen op dëser Welt gëtt. Dat ass och zu Lëtzebuerg de Fall.

Mär mussen ophalen deen aneren, nëmme well mer en net kennen, auszeschléissen. Am Platz op Ënnerscheeder hinzeweisen ass et besser déi Complementaritéit an Diversitéit ervirzesträichen. Eis géigesäiteg ënnerschiddlech Stäerkte vervollstännegen eis. Wann mär Mënschen ausgrenzen handele mer definitiv net inklusiv.

Grad duerch esou eng Krise musse mär dach erkennen, dass mär net géintenee mä mateneen, zesummen a gestäerkt, Situatiounen iwwerwanne kënnen. De géigesäitege Respekt a Solidaritéit vis-à-vis vun deem aneren stäerkt eis Zesummegehéiregkeet souwuel als Diddelenger, als Lëtzebuerger, als Europäer, als Mënschen. Déi iwwer 100 verschidden Nationalitéiten zu Diddeleng liewen friddlech mateneen zesummen. Dat ass gutt esou, dat soll och weider esou bléiwen

Egal vu wou mer kommen, egal wéi e Geschlecht, egal ewéi eng Hautfaarf, egal wéi eng sexuell Orientatioun, egal wéi eng Relioun, a wéi en Alter een huet. Dës Fundamenter vu eisem Zesummeliewe garantéieren eis Fräiheet, Demokratie a Fridden.

An deem leschte Joer goufen et awer och vill positiv Amenter. Eis engagéiert Jugend, déi sech fir de Klima asetzt. Et ass gutt ze gesinn, dass déi Jonk sech fir Wäerter, fir Gerechtegkeet an fir d'Wichtegkeet vun eiser Ëmwelt asetzen an enger Zäit wou eng medial an digital gepräägte Welt eis net méi vill Spillraum léisst d'Tatsaache kritesch ze hannerfroen.

Léif Diddelenger,

Wann et ëm d'Heemecht geet, solle mer eis och op eist Land an eis Geschicht besënnen. Als Grënnungsmember vun der EU spille mär eng konstruktiv Roll ouni dobäi un Eegestännegkeet ze verléieren. Am Géigendeel, mär gewannen un Souveränitéit.

Mär liewen hei zu Lëtzebuerg an enger Gesellschaft déi Europa am Alldag begleet.

An Zäite vu Krisen, an deenen d'Grenzen an engem vereenten Europa nees nei op d'Landkaart gezeechent ginn an zum Virschäi kommen, kënnen an dierfe mär net national denken an handelen. Et ass wichteg, dass mer als Mënschen zesumme stoen a net wéi verschidde grouss Natiounen, déi d'Solidaritéit kënnegen. A mär kënnen an dierfen och de rietsen, de méi radikalen, Tendenzen kéng Chance ginn déi vun der Onsécherheet vun der Bevëlkerung bewosst profitéieren.

Et ass grad elo un eis wärend a no enger weltwäiter Kris als Europa zesummen ze stoen am Austausch, a Solidaritéit, mat Empathie a mat géigesäitegem Vertrauen.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mat Wëllenskraaft a Kreativitéit an iwwer Generatiounen, huet Diddeleng et ëmmer nees fäerdeg bruecht, sech nei ze erfannen an zemools elo gëtt eis Ausdauer an Energie op d'Prouf gestallt, mä ech sinn iwwerzeegt dass mär duerch dës Experienz vun de leschte Méint weider zesummen nach méi staark ginn. Diddeleng ass a bléift eng attraktiv a liewenswäert Stad.

*Chers concitoyens,*

*Chaque année, la Fête nationale est l'occasion de se réjouir ensemble de ce parcours qui fonde notre identité et de se féliciter de cette „force intérieure“ largement partagée au sein de notre population qui nous permet d'aborder l'avenir de notre pays avec optimisme et détermination.*

Ech wënschen Iech all, mat ärer Famill, mat äre Frënn, en schéinen Nationalfeierdag an ech hoffen dass mär ons nächst Joer nees all zesumme fanne kënnen an de Nationalfeierdag mat eiser gewinnter Liewensfreed verbréngen.

Vive de Grand-Duc an d'groussherzoglech Famill mat hirem néien Nowuess

Vive eist Lëtzebuerger Land

Vive Diddeleng